



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen den 12. September am Quotidien publizéiert gouf, fuerdert de President vum Verband vun de Sportfëscher, fir den Hierscht a Wanter eng Bestandsopnam vun den Auswierkunge vun de waarme Sommertemperaturen op d'Flora a Fauna vun eise Gewässer an domat och d'Fëschbestänn ze lancéieren an op Basis vun de Resultater eng geziilt Repopulatiounsstrategie ze entwéckelen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Minister gär dës Fro stellen:

- 1) Gesäit d'Madamm Minister vir, fir sech déi zitéiert Fuerderung zu eegen ze maachen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten